# WAT äntueren?

6-9 ans

## Firwat hunn ech e Papp an eng Mamm / zwee Pappen / zwou Mammen?

### Ënnert dem Afloss vun den Emotiounen...


D'Fro vun der Identitéit ass fir all d'Kanner a Jugendlecher* immens wichteg.

D'Konstruktioun vun der eegener Identitéit baséiert ëmmer op der eegener Geschicht an der Geschicht vun der Famill. Doduerch kann een – zumindest zum Deel – verstoen, wat eis vun de Generatioune virdrun iwwerliwwert ginn ass, an decidéieren, wat mir domat maache wëllen.

Gëtt et eng gutt Manéier, mat engem Kand doriwwer ze schwätzen, dass och eng gläichgeschlechtlech Koppel e Kand oder Kanner kann hunn? **„Deng Aart a Weis ass déi richteg."**

### „Theoretesch" Repèren

Mat 6 bis 9 Joer stelle Kanner sech Froen iwwert déi verschidde Choixen a puncto Parentalitéit, Schwangerschaft an Adoptioun.



### D'Meenung vun den Experten/Expertinnen

Sexuell Diversitéit ass Deel vum Liewen. Eis Kanner wuesse mat vill verschiddene Mënschen op an entwéckele sech weider. Et läit un eis als Elteren, eng Kultur vum Respekt fir Verschiddenheet a vun der Toleranz fir Diversitéit z'encouragéieren. Doheem, am Alldag, op eng einfach an natierlech Aart a Weis mat eise Jugendlechen doriwwer ze schwätzen, ass de beschte Wee, fir géint Homophobie virzegoen.

**Et kann ee sech d'Méi maachen a Sätz wéi dëse benotzen: „Wann s du grouss bass, wäerts du eng Liibhaberin oder e Liibhaber hunn."**

All Kand huet biologesch gesinn ee Papp an eng Mamm, mä e Kand kann och just eng Mamm oder ee Papp, zwee Pappen oder zwou Mammen etc. hunn.

## Tipps a méiglech Reaktiounen

- **Denkt drun, d'allgemeng Fiche Nr. 2 ze liesen.**

**Wéi doriwwer schwätzen?**
Esou einfach wéi méiglech. Et ginn net vill Leit, déi keng homosexuell Persoun oder eng homosexuell Koppel an hirer Famill oder am Fréndeskrees hunn. A puncto Homosexualitéit kënnt Dir z. B. soen: „Munch Jonge* si frou mat anere Jongen a munch Meedercher* si frou mat anere Meedercher. Dat kann een net kontrolléieren, dat ass einfach esou. Dat Wichtegst am Liewen ass, glécklech ze si mat där Persoun, mat där ee frou ass – onofhängeg vun hirem Gender (genre).

Schwul oder lesbesch ze sinn ass normal an näischt, fir dat ee sech schumme muss. Fir dass d'Mentalitéite sech änneren, ass et wichteg, keng ofwäertend Begrëffer ze benotzen. Oder anescht ausgedréckt: just fréndlech Wierder. Et fänkt doheem hunn, mat Educatioun géint Homophobie virzegoen. Duerch eng Invitatioun fir Toleranz a Respekt ka verständlech gemaach ginn, dass all Kand eenzegaarteg ass, dass et oft wéi deet, seng eege Gefiller ze verstoen a sech selwer z'akzeptéieren – egal, wéi aner Leit kucken a wat si denken.

**„Mamm, wat sinn Homosexueller?"**
„Wann e Jong* an en anere Jong* verléift ass oder e Meedchen* an en anert Meedchen*, da seet een, dass dës Leit homosexuell sinn. Déi meescht Leit hu léiwer eng Persoun vum anere Geschlecht (e Monsieur mat enger Madame), mä fir anerer ass dëst net esou."

Et ass wichteg, dass Är nonverbal Sprooch mat Äre Wierder iwwereneestëmmen. Wann et Iech peinlech ass, doriwwer ze schwätzen, da wäert Äert Kand dat warscheinlech verhalen.

Kanner brauchen net méi ze wëssen. Si wëllen eng Äntwert op eng vu ville Froen. Iwwer sexuell Unzéiung a Praktike maache si sech zu deem Zäitpunkt keng Gedanken.

**„Papp, wat ass eng Schwuchtel/e PD/e Schwulen (en Homosexuellen)?"**
„Munch Léit maache sech iwwer homosexuell Leit lëschteg a beleidege si mat dëse Wierder. „Munch Léit maache sech iwwer homosexuell Leit lëschteg a beleidege si mat dëse Wierder. Dat ass net léif. Et gi Kanner, déi aner Kanner esou nennen, ouni wierklech ze wëssen, vu wat si schwätzen. Entweder, well si zwee Jonge* gesi matenee spillen oder net verstinn, firwat e Jong* mat engem Meedchen* oder mat 'Spillsaache fir Meedercher' spille wëll. Dat ass och net ganz léif. An et huet virun allem näischt mat Homosexualitéit ze dinn."

**„Firwat huet den Nicolas zwou Mammen/zwee Pappen?"**
„Well dem Nicolas seng Eltere frou matenee sinn – esou, wéi mir och frou matenee sinn –, hu si decidéiert, e Kand ze kréien oder engt z'adoptéieren."



## Hëllefsmëttelen

- 2 Papas für Tango
- Zwei Mamas für Oscar: Wie aus einem Wunsch ein Wunder wird
- https://www.babelio.com/livres/David-Jai-2-papas-qui-saiment/249106
- https://www.films-pour-enfants.com/fiches-pedagogiques/in-a-heartbeat.html

Eng Bibliothéik mat Material, en nëtzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichteg Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmëttelen an den „Annexe"-Fichen op dem Site **www.watantweren.lu**

planning familial